Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, op d'parlamentaresch Fro n°3716 vum 25. Februar 2021 vum honorabelen Här Deputéierten Fred KEUP iwwert d'"Volontaires des Brigades internationales"

Fro 1:

D'Regierung huet keng Indizien iwwert eng eventuell Participatioun vu Leit aus Lëtzebuerg un deene zitéierten Krichsverbriechen a Spuenien. D'Regierung wäert deemno och keng Studie an dem Kader an Optrag ginn.

Froen 2 an 3:

D'Regierung wäert den Spueniekämpfer gedenken, déi sech fir déi demokratesch Wäerter agesat hunn.

D'Regierung huet keng Informatiounen, datt Lëtzebuerger op der frankistescher Säit gekämpft hunn.